d'Bannowender vum Flyfishing Club Lëtzebuerg

Vum 4. November 2011 aus un, fannen erëm traditioneller Weis d'Bannowender vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg statt. Neierdéngs stin eis heivir och ganz besonnesch Reimlechkeeten zu Verfügung ewou mir eiser Passioun kënnen nogoën. Mat vill Ansatz an Fléiss sin d'Cindy an den Andy, allen béid aktiv Memberen an onserem Club, dobäi d'Fëscherweiheren zu Rolléng (Lamadelaine) an d'Reih ze setzen an mir sin eis sécher dass, wann dat jonkt Team ronderëm Sie zwee ob deem angeschloënen Weë weiderfiirt, hir Weiheren éng Beräicherung gët fir all Sportfëscher. Mir sin objiddverfall frouh dass eis elo Reimlechkeeten zu Verfügung stin déi net nëmmen eisen Besoinen entspriechen, mée déi zeguer speziell eisen Besoinen noh angeriicht gin sin. An éngem schéinen groussen an hellen Sal fannen elo éng zwanzég Leit Plaz fir an énger ganz spezieller Ambiance hirer Passioun, dem Méckenbannen, no ze goën.

Geleet gin d'Bannowender vum Mëckejang, dem Jang Quintus, mat der Ënnerstetzung vum Raymond Paulus. Mat vill Imaginatioun an Léiwt zum Détail bréngen Sie et all Joërs op een Neis fäerdeg ee flotten Programm op d'Been ze stellen

an hëllefen eis domader, och an Zäiten ewou et net méi esou oft bei d'Waasser geet, trotzdeem eis Passion auszeliewen. Wann een d'Memberen vum Flyfishing Club kennt dann wees een dass et och beim Bannen net nëmmen drems geet fir d'Méckendousen ze fëllen, mée dass et grad esou wichtég ass eenmol an der Woch sech ze gesin fir zesummen an énger geselleger Ronn ee Bëssen ze pooterën. d'Zesummenstellung vum Programm fir d'Bannowender léisst schon eroden eweivill Zäit den Jang an den Raym doranner investéieren fir eis een interessanten Programm unzebidden.

BANNKALENNER 2011-2012
Flyfishing Club Letzebuerg

		Responsabel	Meglech Kreep	Bannseid	Material
4/ November 2011	INTRO	JANG			
11/ November 2011	Bommel	JANG	TMC100 10-14 Kamasan B401 10-14	Schwarz 08	CDC schwarz CDC giel CDC waiss
18/ November 2011	Deerhair Bivisible Sedge	JANG	TMC100 10 Kamasan B401 10	Schwarz 08 oder 06	Dachshaare Strauss Naturfarbe Rehhaar natur Rehhaar weiss
25/ November 2011	Paraloop Deerhair Caddis	JANG	TMC 206BL 10-12	Schwarz 08	Pfauengras Hahn grizzly olive oder braun CDC hellgrau oder Dubbing Hahn badger oder weiss Rehhaar natur
2/ Dezember 2011	Rehhaar bumble	JANG	TMC100 10-12 Kamasan B401 10-12	Schwarz 08 oder 06	Rehhaar
9/ Dezember 2011	Aesche Nymph	RAYM	Kamasan B100 14 TMC2487 14	Schwarz 08	Substitut de Condor roux Dubbing Antron blau oder violett Messingperle 2mm
16/ Dezember 2011	Biots Steinfliege	JANG	TMC103BL 13-15	Schwarz 08	Dubbing Hase grau Dubbing Hase oder Seal schwarz Gänse Biots hell Polycelon weiss oder gelb
	CHRESCHT VAKANZ				
6/ Januar 2012	Hexe	JANG	TMC103BL 15-19	Schwarz 08	Gänseschwungfeder schwarz (links und rechts) Hahn schwarz Kupferdraht fein Pardo Feder (Coq de Leon) oder Hahn schwarz Dubbing fein schwarz (z Bsp Maulwurf)
13/ Januar 2012	CDC Emerger	RAYM	TMC100 16-18 Kamasan B401 16-18	Schwarz 08	Substitut de Condor roux oder olive Rebhuhn natur (Perdrix) CDC olive Dubbing fein microflash olive
20/ Januar 2012	Pearly Snatcher	JANG	Kamasan B100 12-14	Schwarz 14 17 Weiss 17	Tinsel pearl fein Hahn schwarz Jungle cock (optional) Dubbing Hase oder Seal schwarz
27/ Januar 2012	Uldsock	JANG	TMC100 10-12 Kamasan B401 10-12	Schwarz 08	Siberdraht fein Hahn schwarz
3/ Februar 2012	Lux Spider	JANG	TMC100 12-14 Kamasan B401 12-14	Schwarz 08	Floss hellblau Hahn schwarz Henne schwarz
10/ Februar 2012	Parapeute	RAYM	TMC100 14-16 Kamasan B401 14-16	Schwarz 08	Substitut de Condor roux oder olive Flanc de Colvert Dubbing fein olive Hahn weiss
17/ Februar 2012	Jangs Gnat	JANG	TMC100 12-16 Kamasan B401 12-18	Schwarz 08	Fil Neon JMC orange fluo Pfauengras Hahn grizzly
	Vacances Carnaval				
2/ März 2012	Royal Coachman	RAYM	TMC100 12-14 Kamasan B401 12-14	Schwarz 08	Floss rot Goldfasan Tippets Pfauengras Gänsefeder weiss
9/ März 2012	**Assemblee Generale**				
16/ März 2012	Goddard Sedge	JANG	TMC100 10-14 Kamasan B401 10-14	Schwarz 08 oder 06	Rehhaar natur Hahn braun Rasierklinge
23/ März 2012	CDC Ameise	JANG	TMC100 10-14 Kamasan B401 10-14	Schwarz 08	Pfauengras CDC schwarz
30/ März 2012	**Oofschlossiessen**				

Den Mëckejang ass zanter laangen Joëren schon Member vun eisem Club, dodernieft ass Hien awer och an sénger Fräizäit passionéierten Méckenbanner an huet zeguer een eegenen Internet Site, http://www.meckejang.lu , ewou Hien séng Aarbechten virstellt.All Mount kann een hei éng nei Méck, d´Fly of the month, bewonneren.Hien huet sech am Laaf vun den Joëren zu éngem richtegen Kënschtler entweckelt an ass een vun den wéinegen an Lëtzebuerg, deen zeguer Mécken fir op den Saumon bënnt.

Esou haten mir eis dann och dësen Freiden zu énger Zwanzég getraff fir éng " Deerhair Bivisible Sedge" ze bannen.

Et handelt sech heibäi ëm éng drechen Méck déi haaptsächlech am Floss, an hei speziell am schnellen Waasser, gefëscht gët ewell se énger Säits gudd schwëmmt an dodernieft awer och gudd sichtbar ass.

Dës Méck ass een Must fir all Méckenfëscher an awer, à la façon de Jang, zimlech eenzegarteg.

Dodernieft ass et och fir den Fëscher éng richteg schéin Méck fir unzekuken.

Ewell den Jang och ëmmer bestriewt ass fir et nach besser ze maachen, huet Hien sech dëst Joër anfaalen geloos fir déi Méck wellesch den jeweilegen Owend gebonnen gët, mëttels énger Projektioun mat éngem Beamer, esou virzeféieren dass och Jiddvereen gudd gesäit ewei déi eenzel Schrëtt erfollegen. Esou kann Jiddvereen vun sénger Plaz aus gudd ersichtlech Schrëtt fir Schrëtt nollvollzéien ewei dës Méck zu staanen kënnt.



Esou woren dann och Alleguer mat groussem Äiffer bei der Saach an séier woren ee puer Mécken fäerdeg. Selbstverständlech këmmert den Mëckejang sech awer och ëm all Eenzelen an probéiert mat Rot an Dot den Leit bäizestoën do ewou Hëllef benéidegt gët. d´Bannkuuren fänken unsech ëmmer mat énger Introduktioun un ewou déi eenzel Mécken, déi am Laaf vun den Bannowender gebonnen gin, virgestallt gin. Hei erklärt den Mëckejang och dass mir am Prinzip all Freidenowend um halwer acht éng Méck bannen mée dass natirlech och Unfänger wëllkomm sin déi sech dann awer schon um sechs Auer hei gesin, fir un Hand vun énger klénger Anféierung, un d´Méckenbannen erungefouert ze gin. An den Schoulvakanzen maachen mir dann och éng Paus an zum Ofschloss vun den Bannkuuren fënd ëmmer een Jessen statt ewou dann déi fléisseg Banner vum Jang éng Zesummenstellung mat den Mécken ausgehäendegt kréien déi am Laaf vum Joër gebonnen gin sin. Dës sin an eenzelnen Schrëtt erklärt fir dass d´Fëscher am Fall ewou hinnen d´Mécken ausgin se och kënnen Doheem nobannen.